N°2072
Entrée le 02.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Recherche
et de l'Enseignement supérieur

La Ministre

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Minister fir Fuerschung an Héichschoul a vun der Madamm Minister fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°2072 vum 11. Määerz 2025 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement betreffend d'Unerkennung vu Beruffsqualikatiounen aus Drëttlänner.**

Als Äntwert op dem honorabelen Deputéierte Sven Clement seng parlamentaresch Ufro wéilt ech follgend Informatioune ginn:

Vu dass d'Froe sech op de Gesondheetssecteur fokusséieren, sinn hei haaptsächlech reglementéiert Gesondheetsberuffer viséiert, d.h. Beruffer, fir déi een en Droit d'exercer vum Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet brauch.

En résumé, verleeft am Prinzip, fir Persoune mat auslännesche Qualifikatiounen, den Accès op den Aarbechtsmaart fir sou Beruffer iwwer eng Unerkennung vun de Berufsqualifikatiounen, gefollegt vum Droit d'exercer.

D'Unerkennungsprozedur ass am ofgeännerte Gesetz vum 28. Oktober 2016 iwwer d'Unerkennung vu Beruffsqualikatiounen festgehalen. Dat Gesetz ass eng Transpositiounsmesure vun der Direktiv 2005/36/CE iwwer d'Unerkennung vu Beruffsqualikatiounen.

Mat deem Gesetz geet Lëtzebuerg, andeems et d'Unerkennung vu Beruffsqualikatiounen aus Drëttlänner quasi identesch mat deenen aus EU Länner handhaabt, ee grousse Schrëtt méi wäit wéi déi genannten Direktiv, well bei der Direktiv Persoune mat Drëttstaatlerqualifikatioune just an Ausnamefäll kënne vun dem System profitéieren.

Via dës gesetzlech Basis ass eng Unerkennung vun de meeschten Drëttstaatlerqualifikatioune méiglech gemaach ginn, wat net an all den EU Länner de Fall ass. Aus evidente Grënn (Absence un engem Programme d'études de référence) ka Lëtzebuerg allerdéngs keng Unerkennunge vun Drëttstaatlerqualifikatioune maache bei Beruffer, déi net zu Lëtzebuerg ausgebilt ginn, wéi z.B. den Zänndokter oder den Déierendokter. An deene Fäll ginn awer Unerkennungen aus aneren EU Länner unerkannt (reconnaissance de la reconnaissance).

D'Informatiounen an de Formulaire fir d'Demande fir déi Unerkennungsprozedur sinn zudeem op Franséisch, Däitsch an Englesch um Site vum Fuerschungs- an Héichschoulministère disponibel, am Sënn vun enger transparenter a verständlecher Informatiounspolitik.

Zudeem sinn de Fuerschungs- an Héichschoulministère souwéi den Ministère fir Gesondheet an sozial Sécherheet och reegelméisseg duerch Mataarbechter op de Journées d'Orientation vum Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil vertrueden, fir interesséierten Demandeure behëllefiech ze sinn.

Et sief drop higewisen datt Leit mat Qualifikatiounen aus Drëttstaaten musse beweisen, dass si déi neideg Kenntnisser a Savoir-faire hu fir kënnen hire Beruff zu Lëtzebuerg auszeüben ouni d'Patienten a Gefor ze bréngen. Well et hei öfters gréisser Differenzen um Contenu vun den Etudë

ginn, kënnen sou Drëttstaatlerqualifikatiounen net ëmmer direkt unerkannt ginn. An esou Fäll muss den Demandeur dann eng Epreuve de pratique professionnelle théorique et pratique maache fir ze beweisen, dass hien de Krittäre vun der Lëtzebuerger Reglementatioun entsprécht.

Well wi gesoot d'Patientesécherheet Virrang huet, ass eng weider Vereinfachung vun de Prozeduren fir den Accès an de Gesondheetssecteur fir Leit mat enger Qualifikatiounen aus Drëttstaaten, net esou einfach méiglech.

Lëtzebuerg, den 2. Abrëll 2025

D'Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul

(s.) Stéphanie OBERTIN